

N° 4284

Reçue le 14.05.2021

Déclarée recevable et urgence reconnue

Président de la Chambre des Députés

(s.) Fernand Etgen

Luxembourg, le 17.05.2021

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Mee 2021



Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Aussen- an Europaminister ewéi och un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet betreffend der Sécherheet vun jiddeschen Infrastrukturen weider ze leeden.

Op Grond vun diversen antisemitteschen Virfäll virun Synagogen an e puer däitschen Stied, notamment d'Verbrennen vun israeleschen Fändelen an d'Werfen vun Steng, déi sech virum Hannergrond vum Konflikt tëschent Israel an Palestina ofgespillt hunn, hunn dozou gefouert datt ëmmer méi Bundeslänner d'Sécherheitsmoossnamen an de jiddeschen Infrastrukturen verstärken. D'Police wier des Weideren nach weider sensibiliséiert ginn, an géif aktuell verstärkt déi jiddesch Strukturen iwwerwaachen.

Den däitschen Inneministère huet aktuell och eng Evaluatioun vun der Risikosituation vun den Synagogen lancéiert.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Virum Hannergrond vun den Rakéiten- an Bommenugréff tëschent Israel an Palestina, ewéi och dem Ofspillen vun antisemitteschen Aktiounen an aneren Länner, gesäit d'Regierung fir d'Sécherheitsmoossnamen an a virun de jiddeschen Strukturen, esou wéi an Däitschland, ze verstärken ?
- Plangt d'Regierung och eng Evaluatioun vun der situation de risque vun den jiddeschen Strukturen, notamment de Synagogen, ze lancéieren ?

Här President mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar  
Deputéierten

Claude Wiseler  
Deputéierten